

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech huelen hei d'Wuert am Numm vun der Regierung iwwert d'Restauration collective, well den Éducatiounsminister dee Minister ass, deen déi meeschten lessen ënner senger Responsabilitéit huet an ech géing lech gären e puer Chifferen an Erënnerung ruffen.

Wa mer an de Lycéeën a Lycées techniques 2001 513.622 Menüen haten, esou hate mer am Joer 2003 schonn 816.715 Menüen. Do gesäit een also d'Envergure vun de Restaurants scolaires, an d'Regierung huet mech och dofir gebieden heizou Stellung ze huelen.

Ech wëll och wéi meng Virriedner d'Auteurs félicitéiere fir hir Proposition de loi, well de But - an dat steet jo och an der schréfflecher Prise de position vun der Regierung - vun der Proposition de loi kann d'Regierung selbstverständlech deelen. Mir musse kucken, dass d'Qualitéit vun der Restauration scolaire an d'Luucht geet. Mir musse kucken, dass d'Sécurité alimentaire garantiéiert gëtt. Ob awer dee Wee, deen déi Häre Loes a Schank hei proposéiert hunn, dee richtegen ass, do huet d'Regierung eischter hir Zweifel ugemellt, an den Här Loes ass jo selwer a senger Prise de position virdrun drop agaange wéi hie gesot huet, et muss ee kucken, dass een net ze vill Bürokratie hei mécht.

Ech wëll och drun erënneren, dass mer jo e Ministère hunn, deen d'Kompetenz huet um Gebitt vun der Sécurité alimentaire, an dat ass de Ministère de la Santé, well deen e Contrôle vun den Denrées alimentaires virhält, an dat ass e modifiéiert Gesetz vum 25. September 1953. An dann huet de Ministère de la Santé och nach eng Kompetenz andeems d'Doktere vun der Direction de la Santé chargéiert sinn eng Inspection sanitaire ze maachen an d'Lieuven ze kontrolléiere wou lesse manipuléiert oder hiergestallt oder transforméiert gëtt. Et ass deem net Rechnung gedroen an der Proposition de loi, esou dass mer och missten dorop Réferenz huelen.

Wann ech hei all d'Riedner héieren hunn, esou ass jiddferengem seng Suerg - an ech mengen d'Suerg vun der Regierung ass déiselwecht -, dass mer qualitativ héichwäertegt lessen op den Dësch kréien an de préférence och Produiten, déi vun nobäi kommen, an do wëll ech soen, dass mer, och an de Lycéeën, Kichen installéiert hunn an dass sur place lesse préparéiert gëtt an dass mer ëmmer méi dozou iwwerginn.

Ech hunn hei eng Opschlësselung iwwert d'Originé vun den Approvisionnementner. Wat d'Épicerie ubelaangt, an do kommen natierlech Uebst a Geméis an aner Produiten dobäi, do komme 60% aus Lëtzebuerg, 10% aus Belgien, 20% aus Frankräich an 10% aus Däitschland. Beim Fleesch awer hu mer 90% aus Lëtzebuerg an 10% aus Däitschland. Et gesäit een also bei deem wat hei hiergestallt gëtt, dass mer och an de Restaurants scolaires - an déi Donnéeë bezéie sech nëmmen op d'Restaurants scolaires - haaptsächlech op Produiten hei aus dem Land zrëckgräife wat den Approvisionnement ubelaangt.

Ech wëll och soen, dass d'Regierung - an den Här Fayot huet dat ugeschwat, mengen ech - e Komitee vun der Sécurité alimentaire instituéiert huet 2001, ebe just, fir dass iwwert d'Sécurité alimentaire do soll geschwat ginn. Well wat geschitt wa mer eng Iwwerstruktur elo nach duerch d'Gesetz kréien? Dann huele mer erëm déiselwecht, well mir hunn net esou vill Ressources humaines. Mir huelen erëm déiselwecht Fonctionnairen, déi sech dann erëmfannen an enger Struktur, déi eng gesetzlech Basis huet.

An do wëll ech dem Här Colombara soen: Wa vun der Verfassung geschwat gëtt, da steet an der Verfassung, dass ee muss e Gesetz kreéiere mat all deem wat zu der Schoul gehéiert, an dass d'Restauration scolaire net en typesche Schouldomän ass. Et ass jo awer ganz kloer, dass een net alles muss an der Verfassung hunn. Mä op där anerer Säit kann d'Regierung sech awer organiséiere wéi se dat fir gutt fënnt. Dat ass eng Prerogativ vun der Regierung, ouni dass een awer muss op e Gesetz zogräifen, an et ass dat wat mer gemengt hunn. Et muss een net iwwer alles légiférieren.

Ech ginn der Madame Durdu Recht an hirer Appréciation wou se seet, dass mer och mussen oppassen, dass d'Landwirtschaft elo net an zwee gespléckt gëtt an dass déi eng Produiten anescht aklasséiert gi wéi déi aner. Dat ass eng Diskussioun op déi mer ganz gutt mussen oppassen. Menger Meinung no musse mer kucken alles mam gesonde Mënscheverstand ze regelen, an ech gi wierklech hei dem Här Gira Recht, dee seet, dass mer mussen och bei der Hygiène oppassen, dass mer do net iwwerdreiwen.

Ech hätt gären eng Approche mam gesonde Mënscheverstand, well et kann een alles esou reglementéieren, dass d'lesse finalement dann alle Kritären entsprécht, mä et ass aseptesch an et huet iwwerhaupt kee Goût méi. An dofir muss ech lech soen, dass een och do muss oppassen, an ech hunn do och länger Gespréicher mam Gesondheitsminister gehat.

Zu deem, wa gesot gëtt - ech weess net méi wie vun de Riedner et gesot huet - et wär an där Matière do näischt geschitt: Ech wëll lech soen, dass e Guide pratique iwwert d'Restauration scolaire ausgeschafft ginn ass, dee vum Ministère de la Santé éditéiert ginn ass. Do hunn eng ganz Partie Leit vum Terrain matgeschafft. An dorëm geet et jo, dass déi sech solle concertéieren, an zwar ass dat eng Diététicienne, déi an der Pédiatrie spezialiséiert ass, déi gehollef huet. Bei der Direktioun vun der Santé war et och eng Diététicienne, déi hei mat dru geschafft huet, ënnert der Responsabilitéit vun der Madame Dokter Huberty. Dann hunn eng Partie Leit vum Ministère de l'Éducation nationale mat dra geschafft an dann e Représentant oder eng Représentante vun der ASTA, eng Représentante vun der Fédération vun den Elteren, ee Représentant vun der Schoulerestauratioun vun der Stad Lëtzebuerg an eng Conseillère en écologie.

Et ass also probéiert gi fir an deem Guide eng ganz Partie Punkten, déi elo vun den honorabelen Députéierten hei opgeworf gi sinn, zrëckzebehalen, an do geet et iwwert d'Alimentation équilibrée, iwwert d'Qualité des produits, wéi een d'Menü soll équilibréieren, iwwert d'Préparatioun vum lessen.

Här President, ech géing dat hei lech iwwerreechen, fir dass d'Députéierten dat kënnen akucken. Ech mengen awer net, dass et um Législateur ass dat an engem Gesetzestext festzehalen, mä dass et um Terrain ass ze kucken dat do ëmzesetzen.

(Mme le Ministre Anne Brasseur dépose une documentation intitulée «Guide pratique de la restauration scolaire», éditée par le Ministère de la Santé)

Et sinn och regelméisseg Kontrollen, an ech muss lech soe fir d'Restauration scolaire klappt dat excellent. Et muss een och gesinn, dass an der Restauration collective et den Ennerscheid ass ob ee mat Restauration scolaire ze dinn huet oder mat Restauratioun fir krank Leit oder mat Restauratioun fir gesond Leit, déi awer eeler sinn, an dass d'Regierung der Meinung ass, dass mer do net sollen en administrativen Iwwerbau maachen, mä dass déi Instrumenter, déi mer

hunn, gutt sinn, a mir musse kucken, dass déi nach besser am Intérêt vun de Konsumente schaf-fen.

Nach ee Wuert zum Präis. Et gëtt ëmmer gesot, de Präis däerf keng Roll spillen. Ech wëll lech soe wat d'Schoulen ubelaangt, déi Präisser, déi mer als Stat bezuelen, déi deelweis méi héich sinn ewéi de Plat du jour, deen een an engem Restaurant kritt. Et ass awer bestëmmt net esou, dass gesot gëtt, dass um Präis do gespuert gëtt. Mir hunn och e Cahier des charges als Ministère de l'Éducation nationale ausgeschafft, wou et net nëmmen de Präis ass, deen ausschlaggebend ass, mä wou et e System vu Punkte gëtt, ob op der Plaz gekacht gëtt, ob net op der Plaz gekacht gëtt, wéi vill Personal zur Verfügung steet, wat d'Qualifikation vum Personal ass.

All déi Punkte spille mat eran, an déi Entreprise, déi do eben de beschte Score huet, wou net nëmmen de Präis spilt, déi kritt dann den Zouschlag. An dat explizéiert och firwat de Präis esou héich ass. Ech hat deen eng Kéier verglach mat deem wat mer am Ausland fannen, esou dass onse Präis vill méi héich ass wéi am Ausland, an dat ass och an der Rei.

Mä et soll een net elo gleewe wéi wann hei um Präis géing gespuert ginn. Dat gëtt effektiv net gemaach. Mä mir mussen awer kucken, dass et qualitativ héichwäerteg ass, mä dass mer awer nach mam gesonde Mënscheverstand drun eruginn an dass mer hei net - an dat ass en Term, deen dann an d'Alimentation passt -, dass mer net probéieren d'Ham an der Mëllech ze kachen.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Domadder wier dee Punkt ofgeschloss a mir kommen elo zur Presentatioun vun der Proposition de loi 5172 vum Här Marc Zanussi iwwert d'Gemeinbibliothéiken. Et si schonn ageschriwwen d'Madame Stein, d'Madame Durdu an den Här Gibéryen. D'Wuert huet elo den Auteur vun der Proposition de loi, den honorabelen Här Marc Zanussi.

3. 5172 - Proposition de loi portant organisation d'un réseau de bibliothèques communales

Présentation

M. Marc Zanussi (*LSAP*), *auteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, aus der Iwwerzeegung eraus, dass liesen haut a muer ëmmer nach déi zentral Basistechnik ass, déi ee brauch fir an der Gesellschaft - och hei zu Lëtzebuerg - en Accès ze hunn zu der sozialer Promotioun, zu der Kultur a schlussendlech och zu der Demokratie, an aus der Erkenntnis eraus, dass och déi nei Medien, déi sech am Laf vun deene leschte Joren implantéiert hunn a sech zousehends enger Belëiftheet erfreeën, d'Liesen net kënnen ersetzen, an aus der Iwwerzeegung eraus, an och aus der Erfahrung als Schaffen an der Stad Diddeleng, dass d'Bibliothéiken e wichtegt Instrument, wann net dat wichtegst Instrument kënne sinn, fir déi Eegenschaft an déi Kompetenz vum Liesen ze promovéieren, ass déi Proposition de loi hei entstanden, fir e Réseau vu kommunale Bibliothéiken ze schafen, deen den Zougank zu de Bicher erliichtert an ënner anerem awer och den Zougank zu deenen neien a moderne Kommunikationsmittel erlabe soll.

Ech wëll awer och drop hiweisen an net verheemlechen, dass den Ursprung vun där Proposition de loi och zrëckgeet op d'Resultater, déi d'Lëtzeburger Land an d'Lët-

zebuerger Schoul bei der Etüd PISA virun enger Rei vu Joren hat, an ech denken, dass et derwäert ass drun ze erënneren, wat fir e Resultat, dass dobäi erauskomm ass. D'Tatsaach, dass deemools nëmmen 2% vun de Jugendlechen am Alter vu 15 Joer an deem éischte Peloton mat héijer Lieskompetenz klasséiert waren, an d'Tatsaach, déi nach méi schlëmm ass eigentlech, dass 25% vun de Schüler, déi deemools un där Etüd deelgehol hunn, um allerleschten ënneschten Echelon deelgehol hunn, ass mengen ech eng zousätzlech Motivatioun gewiescht, fir deen Text hei auszuschaffen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Zweck dovunner ass déi Defiziter, déi do erkannt gi sinn an déi mengen ech onëmstridden drop zrëckzeféiere sinn, dass et bei de Kanner hei zu Lëtzebuerg net nëmme wat d'Liese selwer ubelaangt, mä virun allem wat d'Verstoe vun deem wat gelies gëtt ubelaangt, grouss Problemer gëtt, fir déi Defiziter ze decken an hëllefen opzefëllen. Dofir ass des Proposition de loi entstanen.

Si ass allerdéngs och entstanen, an dat verheemlechen ech net, aus där Visite, déi ech mat enger ganzer Rei vu Leit a Finnland hat, wou ech mer d'Resultater vu Finnland am Zusammenhang mat der PISA-Etüd ugekuckt hunn a wou ech mer och ganz spezifesch d'Bibliothéikswiesen a Finnland méi no ugekuckt hunn, a wou ech festgestallt hunn, dass an der PISA-Etüd 18% vun de Kanner vun de Finnen an deem allerieweschte Peloton vun der Lieskompetenz gestanen hunn, ee Resultat wat beandrockend war a wat drop zrëckzeféieren ass, dass d'Liesen eben a Finnland op eng ganz professionell a konsequent Aart a Weis promovéiert gëtt.

Zwee Chifferen: A Finnland sinn am Joer 2001 vun all Finn ronn 20,1 Buch an der Bibliothék geléint ginn. All Finn geet am Prinzip minimal zwielef Mol d'Joer an eng Bibliothék fir sech ze dokumentéieren a fir sech Bicher an aner Saachen unzeliesen an auszeléien. Fir eis als LSAP, wéi mer déi Diskussioun hei gefouert hunn, hu mer och nach eng Kéier ënnestrach, dass d'Fro vum Liese jo och ganz vill mat dem Thema vun der Chancéglaichheet ze dinn huet, an dass eis dofir och d'Lieskompetenz an alles wat dat mat sech bréngt um Häerz läit.

Ech hunn och am Exposé des motifs vun der Proposition de loi drun erënnert an e bëssen an der Geschicht gekuckt, dass de Komerod Thilmany schonn 1928 eng Proposition de loi iwwer e kommunaal Bibliothéikswiesen déposéiert huet, dass de René Blum 1927 sech scho vill mat där Fro vum Bibliothéikswiesen och hei an der Chamber beschäftigt huet, an hunn allerdéngs och festgestallt, wat déi aktuell Gesetzgebung ubelaangt - fir erëm e Sprong an d'Aktualitéit ze maachen. Wann ech den Text kucken iwwert d'Primärschoul, deen elo déposéiert ass, waren am Artikel 99 vum fréiere Gesetz, dat vun 1912 staamt, d'Schoulbibliothéiken am Primaire libelléiert. An deem Text, deen elo déposéiert ginn ass, steet zwar an den Article 5 a 6 eppes Klenges iwwert d'Lieskompetenz, déi d'Kanner solle kréien, mä d'Schoulbibliothéiken aus dem Primaire sinn net méi an deem Text - wann ech dat elo richteg an Erënnerung hunn - enthalen.

Dann och zu der Tatsaach, dass wann een d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg kuckt mat siwe Bibliothéiken, déi ongeféier 17% vun der Populatioun erreechen, an dem Bibliobus, deen eigentlech nëmmen 3% erreecht, dat am Verglach zu eisen Nopeschlänner eigentlech schrecklech wéineg ass. Wann een och gesäit, dass et an den Nopeschlänner, beispillsweis an der Belsch, och Gesetzer gëtt iwwert d'lokaal Bibliothéikswiesen, wann ee weess, dass an deem dote Gesetz

och d'Zesummenaarbecht vun de Bibliothéike mat de Schoule promovéiert gëtt, dass d'Bibliothéiken d'Aufgab hunn, fir d'Liesen ze promovéieren, dass et am Saarland am Grundgesetz verankert ass, dass d'Bibliothéike vum Stat massiv sollen ënnerstëtzt ginn, aus all deenen Iwwerleeungen eraus, wéi gesot, kënn den Text, deen ech proposéiert hunn.

Et geet an deem éischten Artikel drëm, e Réseau de services de bibliothèques publiques et d'information um Territoire vum Lëtzeburger Land ze schafen. An deenen Artikelen duerno gëtt dra beschriwwen wéi déi Bibliothéike sollen entstoën. D'Gemege sollen initiéiert ginn an d'Richtung vun esou Bibliothéiken ze goen, si solle vum Stat gehollef kréien. Si hunn d'Méiglechkeet, dat entweder selwer ze maachen oder an der Kollaboratioun mat enger anerer Gemeeng. Si sollen awer weinstens an hirer Gemeng eng Ulafstell hunn, déi de Leit hëllef, den Accès zu de Bicher ze maachen, iwwert de Wee vu Kommunikatioun, iwwert de Wee vu Kontakt mat anere Bibliothéiken.

Déi SBle, wéi se ofgekierzt am Text heeschen, sollen dann och d'Lienen herstellen zu dem Primärschoulwiesen, déi sollen de Lien herstellen zu de Muséeën, zu de Centres de recherche, zu dem Bibliobus, zu der zentraler Bibliothék, déi an engem Artikel duerno beschriwwen gëtt, zu der nationaler Bibliothék, an eben alleguerten déi Aarbechte maachen, op déi ech nach kuerz zrëckkommen, déi mat Promotioun vum Liesen ze dinn hunn.

Da gëtt an engem weideren Artikel och d'Schafe vun enger zentraler Bibliothék préconiséiert, déi eigentlech fir d'Bibliothéiken, déi SBlen an de Bibliobus Bicher soll stockéieren, fir net deene kleng Bibliothéiken déi ganz Aarbecht vun dem Stock vun de Bicher an esou weider opzeerleëen, mä déi soll deenen hëllefen, déi doten Aarbecht ze maachen. Da gëtt och dovunner geschwat, dass déi Zentralbibliothék selbstverständlech weinstens een diploméierte Bibliothécaire misst hunn, dee rattachéiert wär un d'Bibliothèque centrale, an d'Aufgabe vun där Persoun wäeren dann eben ze informéieren, ze renseignéieren, ze conseilléieren, an dat alles zesumme mat deene kleng Bibliothéiken, déi ech virdrun esquiséiert hunn.

An engem Abschnitt weider gëtt dann dovunner geschwat, dass de Service vun de Bibliothéiken eigentlech soll gratis sinn. Et gëtt dovunner geschwat, dass d'Gemeengen d'Autonomie hunn iwwert d'Envergure vun der Bibliothék selwer ze decidéieren, iwwert d'Öffnungszäiten an alles wat mat dem Fonctionnement ze dinn huet. Et ass dovunner geschwat ginn, dass am Gesetz virgeschloe gëtt, esou ee Réseau innerhalb vu fënnef Joer opzerichten. Et gëtt dovunner geschwat fir eng nei Formatioun vum Aide-bibliothécaire ze schafen, eng Formatioun, déi mer - mengen ech - am Land net hunn an déi fir de Käschtpunkt och an agréabele Mesuren ze halen eng Noutwendegkeet wär.

Da gëtt am Gesetz selbstverständlech vill iwwert d'Missiounen geschwat, déi déi Bibliothéike sollten hunn. Déi sinn am Artikel 10 opgezitt, wou et haaptsächlech drëm geet, d'Kanner och ze motivéieren, sech mat liesen ze beschäftegen, en Développement vun der Kultur a vum Liesen ze promovéieren, déi lokal Populatioun probéieren anzebannen an d'Liesen, Manifestatiounen ze maachen, déi d'Promotioun vun Liesen als Zil hunn, eng gutt Zesummenaarbecht mat de Primärschoulen ze garantiéieren, eng gutt Zesummenaarbecht mat alleguerten deenen aneren, mam associativé Milieu ze garantiéieren, d'Publikatiounen ze sammeln, sech mat der Fro vun den neien Technologien ze beschäfte-

gen, och den Accès zum Computer an zu den neien Technologien an deenen eenzelne Gemengen ze garantéieren an ze fuerderen, Encadrement an Animatioun ze maachen. Alles dat wäre Missiounen, déi am Artikel 10 vun der Proposition de loi beschriwwen ginn.

E wichtegt Element ass eiser Aschätzung no och, dass et misst eng regelméisseg Evaluatioun ginn iwwert d'Wiesen an de Fonctionnement vun deenen dote Bibliothéiken, fir och da kënnen ënner Émstänn Correctiounen virzehuelen. An engem anere Kapitel geet et ëm d'Finanzéierung vun de Bibliothéiken, wou mer eigentlech eng Formule iwwerholl hunn, déi d'Regierung jo och an anere Gesetzer schonn applizéiert huet, zum Beispill bei deem vun der Finanzéierung vun de Privatschoulen, wou drasteet, dass d'Investissementer bis zu 80% vum Stat kënnen iwwerholl ginn, d'Fonctionnements-käschten zu 50% vum Stat iwwerholl ginn, an déi aner 50% vun de Gemengen. Wat also eiser Meinung no bei deenen enge gutt ass, misst an deem anere Fall och recht sinn. Dat sinn e puer Aspekter aus där Proposition de loi wéi ech se geschriwwen hunn.

Ech wëllt och bemierken, dass et och eng Positioun dozou gëtt an och eng Zesummenaarbecht ginn ass mat der Associatioun vun de Bibliothécairen hei zu Lëtzebuerg, déi eigentlech am Fong déi Iddi vun där Proposition de loi hei ënnerstëtzen.

Ech hunn da mat liichter Enttäuschung, wéi Dir lech et kënnt virstellen, den Avis vun der Regierung zu deem Text hei gelies. Deen ass leider negativ. Vlächtt hätt ee sech dat och kënnen erwaarden, mä den Avis vun der Regierung geet dovun aus, dass d'Gemengen a mengem Text sollte forcéiert ginn, Bibliothéiken ze schafen. Deem ass net esou. Am Text steet: „Les communes sont aidées par l'État à“. Et ass ni dovunner Rieds gaange fir d'Gemengen ze forcéieren a Richtung vu Bibliothéiken ze goen.

Et gëtt dann am Avis opgezielt wat am Moment alles am Beräich vum Liese gemaach gëtt. Et gëtt vum System ALEPH geschwat. Et muss een awer wëssen, dass do just zwou Bibliothéike vun deene siwen drunhänken, an da gëtt net méi vum Prêt interbibliothécaire geschwat, deen allerdéngs och nëmme vun enger Direktioun funktionéiert. Et gëtt vum Bibliobus geschwat, deen awer nëmmen eng ganz kleng Unzuel vu Leit erreecht. Et gëtt vu Campagné geschwat. Et gëtt vun de Missiounen vun der Nationalbibliothéik geschwat, wësend dass dat awer éischter eng wëssenschaftlech Bibliothéik ass, an eigentlech net d'Personal an d'Moyenen huet fir déi Aufgaben allegueren ze maachen, déi an der Proposition de loi virdru beschriwwen sinn.

Dann eppes wat ech a Fro stellen, wat am Text vun der Regierung gesot gëtt, dass déi Gläichung: méi Bicher, méi Bibliothéiken, méi Lieser a Lieserinnen, falsch wier, do behaupten ech hei, dass d'Regierung do falsch läit, aus der Erkenntnis an aus der Iwwerzeegung eraus vun deem wat een eben an anere Länner gesäit, an dofir brauch een net bis a Finnland ze goen.

Eng rezent Etüd iwwert d'Bibliothéikswiesen an der Lorraine, déi vum Conseil général publizéiert ginn ass, weist, dass en Zouhuele vun de Bibliothéiken och en Zouhuele vu Lieser bedeit. A wann een zum Beispill kuckt wéi et a Südtirol ass, wat eng Regioun ass mat enger Populatioun vun 465.000 Awunner, déi huet 245 Bibliothéiken. Et kann een also net soen, duerch d'Klengheet an d'Populatioun vum Land muss een an d'Richtung vun der Regionaliséierung goen.

Mir stellen einfach fest, mir maachen de Constat, bei allem Luef fir déi eenzel Initiativen, déi geholl gi

si fir d'Liesen ze promovéieren, d'Resultat ass net do. An déi Initiativen, déi hei gemaach gi sinn, gëtt et scho während Joren, a gi mat vill guddem Wëllen an Initiativgeescht während Jore scho gemaach, mä mir kommen awer net aus engem verbesserte Resultat eraus. Dofir mengen ech, dass et eng Noutwendegkeet bleift fir an d'Richtung vun esou Texter ze goen.

Wat d'Schoulbibliothéiken am Primaire ubelaangt, just nach ofschléissend ee Wuert. Do stellt een och fest, dass déi zu engem Deel vlächtt net an deem allerbeschten Zoustand sinn, an dass d'Zuel vun de Bibliothéiken am Primaire an deene leschten honnert Jore och réckleefeg war. Wann et der 1899 nach 151 waren, am Joer 2000 waren et der nach just 100. D'Zuel geet also zrëck, an Dir wësst alleguerten, dass d'Schoulbibliothéiken am Primaire, wat d'Öffnungszäiten ubelaangt, absolut schlecht accessibel si fir de grouss Public. Dofir menge mir, dass déi Argumenter, déi vun der Regierung an d'Feld gefouert gi fir esou e Gesetz net ze maachen, eigentlech net richtig sinn, an an der Hoffnung an an der Iwwerzeegung, dass nom 13. Juni sech vlächtt eng aner Majoritéit oder en anert Bewosstsinn fënn, soen ech lech merci fir Är geschätzten Opmierksamkeet.

M. le Président. - Als éischt Riednerin ass d'Madame Nelly Stein agedroen. D'Madame Stein huet d'Wuert.

Discussion

Mme Nelly Stein (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Zanussi huet eng Proposition de loi virgeluecht, déi virgesäit op kommunalem Niveau e Réseau vun öffentliche Bibliothéiken iwwert d'ganzt Land ze schafen. D'Zil ass et der ganzer Populatioun a virun allem eise Kanner a Jugendlechen den Zougank zu de Bicher ze vereinfachen an hinnen doduerch d'Liese méi no ze bréngen. Dës Approche ass am Fong eng gudd Saach, mä bréngt awer eng Partie vun Iwwerleeunge mat sech, an ech muss soen, den Avis vun der Regierung zu där virgeluechter Proposition ass relativ kloer an alichtend, an dofir wëll ech mech a menger Stellungnam nëmmen op e puer Punkte beschränken.

Kucke mer eis déi aktuell Situatioun vu Gemengebibliothéiken un, esou fällt op, datt an 111 Gemenge keen esou ee Service ugebuede gëtt. Am Artikel 2 vun där Proposition de loi steet geschriwwen, dass allgemeng op d'mannst ee Bureau d'accueil bereetstoe muss, deen der Bevölkerung den Accès un de Réseau de services de bibliothèques publiques et d'information assuréiere soll. Am Text steet doriwwer eraus, an dat ass begréissenswäert, dass méi kleng Gemenge mat méi grouss solle kooperéieren. Allerdéngs, den Auteur weist eis a sengem Text keng Pisten op, wéi dës Kooperatioun kënnt realiséiert ginn.

An, Här Zanussi, Dir wësst esou gudd wéi ech, dass all weideren neie Service bei de Gemenge mat Onkäschte verbonnen ass. Och wann de Stat e Groussdeel vun de Käschte soll iwwerhuelen, kann een haut awer nach net mat leschter Prezisioun soen, wat fir eng finanziell Répercussiounen de Fonctionnement oder den Entretien vun dësen neie Strukturen mëttel- oder laangfristeg fir eis Gemengen duerstellen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an der Proposition de loi geet nientwer der Schafung vun de Services de bibliothèques och Rieds vun engem Établissement public, d'Bibliothèque centrale, déi ënner anere d'Zil verfollegt fir d'Bicher un de Réseau de services de bibliothèques publiques an un d'Bicherbussen auszeléinen. Mir denken awer, dass ee fir d'éischt muss e Bléck op déi bestoend Infrastruktur werfen, éier mer en

Établissement public an e Réseau vu Gemengebibliothéiken an d'Liewe ruffen.

Am Moment hu mer e Réseau vu 25 Bibliothéiken am Land, dovunner siwen a Gemengen. Dëse Réseau gëtt duerch d'Nationalbibliothéik koordinéiert, an duerch de System ALEPH 500 gouf e gemeinsame Katalog vun alle Bicher aus dësem Réseau zesummegeallt, deen och en ligne consultéiert ka ginn.

D'Kooperatioun tëschent deene verschiddene Bibliothéike funktionéiert haut schonns ganz gudd. Esou existéiert zum Beispill de Prêt interbibliothécaire, wou déi verschidde Gemengebibliothéiken, wëssenschaftlech Bibliothéiken an d'Nationalbibliothéik d'Bicher ënnereneen austausche kënnen. An zënter ville Jore fueren och zwee Bicherbusser duerch all Géigend vun eisem Land. Si erlaben eng Diffusioun vu Bicher un de grousses Public, och an deene Gemengen, déi am Moment nach keng Bibliothéik oder adequat Structure besetzen. Dës Initiativen droe sécherlech zur Promotioun vum Buch a vum Liese bäi, an deemno erfëllt de bestehende Réseau an d'Nationalbibliothéik haut schonns eng Rei Objektiver a Missiounen, déi an der Proposition de loi vum Här Zanussi virgeschloe ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, a sengem Exposé des motifs geet den Auteur vun der Proposition de loi explizit op d'Wichtegkeet vum Liesen an der Éducation vun eise Kanner an. Och ech als fréieren Enseignant, Här Zanussi, kucke mat grousser Suerg der Erosioun vun de Liescapacitéite vun eise Kanner entgéint. Mä duerch de virgeschloene Réseau de services de bibliothèques publiques et d'information sollen d'Bierger, awer virun allem d'Kanner an d'Jugendlecher, den Zougank zu Bicher erlichtert kréien. Déi aner Missioun vum SBI sinn all am Artikel 10 opgeléicht.

Mä contrairement zu deem wat den Här Zanussi gesot huet, géife mir mengen, dass méi eng grouss Offer vu Bicher net automatesch heescht, dass d'Leit a méi speziell d'Kanner an d'Jugendlecher an Zukunft méi liese wäerten. Ausserdeem kënnen d'Kanner am Enseignement primaire haut schonns op émfänglech Schoulbibliothéiken zrëckgräifen. Et gëtt Ausname sot Dir, mä wann ech awer kucken, déi Bibliothéiken, déi ech kennen, déi sinn an engem ganz gudden Zoustand, déi sinn exemplaresch gefouert, d'Léierpersonal mécht sech eng Eier draus, fir de Kanner wierklech d'Freed um Liese bäizebréngen.

108 vun dëse Schoulbibliothéike ginn et am ganze Land. Och all klassesche Lycée an och all Lycée vum Enseignement secondaire technique huet eng Bibliothéik, wou déi Jugendlech sech informéieren a Bicher ausléine kënnen. D'CSV ass dofir der Meinung, dass d'Offer grouss genuch ass, fir den aktuelle Besoin ofzedecken. Dass awer nach Efforté muss gemaach gi fir méi jonk Leit oder am allgemenge méi Leit un d'Liesen ze bréngen, dat schéngt eis evident.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Compte tenu vun all dësen Iwwerleeungen dréit meng Fraktioun d'Proposition de loi vum Här Zanussi net, well mer sinn der Meinung, dass een als éischt iwwert d'Méiglechkeet nodenke soll, fir d'Schoul an d'Lycéesbibliothéiken an Zesummenaarbecht mat deene verschiddene Gemenge fir de Public opzemaachen, éier een d'Schafung vun neie bibliothekaresche Strukturen an d'Ae faasst.

Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président. - Als nächst Riednerin ass d'Madame Agny Durdu agedroen. D'Madame Durdu huet d'Wuert.

Mme Agny Durdu (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, jidderee vun eis krut als Schüler ewell ze héieren, Dir musst onbedéngt liesen. Wann Der gäre Franséisch léiert, wann Der gären Däitsch léiert, Englesch léiert, liest e Buch. An dach wousste mer awer, dass et ganz komplizéiert ass déi jonk Leit an och déi méi erwuessen dozou ze kréien.

Et fundamental Problem, deen eis distinguéiert vun de skandinavische Länner, dat ass, dass mir am Fong geholl keng richtig Lieskultur hei am Land hunn. Fir lech just ee Beispill ze soen - Finnland gëtt jo ëmmer zitéiert weinst der PISA-Etüd -: A Finnland ass et Usus, wann ee Kand op d'Welt kënnt, dass et e Buch vum Stat geschenkt kritt.

Esou ähnlech Initiativë ginn et och bei eis.

(Interruptions)

Voilà, bei eis kritt et eng Spuerbéchs. Dat ass ebe just fir ze ënnersträichen, wou d'Differenz tëschent deenen engen an deenen anere Länner ass. An ech mengen den Här Zanussi huet mat Recht ënnerstrach, dass ee misst probéieren, déi dote Situatioun opzebriechen. Mä wéi ee se opbrécht, dat stellt natierlech d'Leit viru grouss Erausforderungen.

An den Här Zanussi, oder d'LSAP, leet do méi de Wäert, am Fong geholl den uniqué Wäert, op d'Schellere vun de Gemengen. An engem Sënn hu se Recht, d'Gemenge beweisen normalerweis a ganz villen Domänen immens vill Initiativen a se schaffe ganz vill, mä ob een hinnen ëmmer bei all Thema déi ganz Belaaschtung soll ginn, do weess ech net, ob déi Initiativ esou ganz glécklech ass. Well d'Problematik vun de Bibliothéike setzt d'Gemenge virun Erausforderungen, wou ech net sécher sinn, dass se se meeschteren.

Den Här Zanussi huet elo ganz vill a sengem oralen Exposé vun de Schoulbibliothéike vun de Kanner geschwat, mä an der Proposition de loi selwer schwätzt en och ganz vill vun den nach méi klengen Kanner, déi am Précoce dozou sollen ugereegt gi fir Bicher unzepak an natierlech och déi erwuesse Leit an déi Jugendlech, déi sollen ee Buch an de Grapp huelen, a wahrscheinlech net nëmmen an de Grapp huelen, mä och liesen.

D'Problematik ass also da fir eng Gemeng, dass een net nëmme muss Schoulbibliothéiken offréieren, mä et huet een eng ganz Spart vu Consommateuren - wann ech dat elo emol esou däréi nennen -, déi sech un de Bicher interesséieren sollen, an de sinn déi Jonk an dat si virun allem déi Jugendlech, déi e ganz anere Besoin u Lecture hunn. An ech mengen, dat wësse mer all aus eiser eegener Jugendzäit, mat 14 Joer kann een e Buch ganz flott fannen an zwee Joer méi spët da seet ee sech: Oh, wat ass dat doten eppes Latzeches! Gott sei Dank och esou.

Dat heescht, et brauch een eng ganz grouss Offer, fir hire Besoinen nozekommen an da kënnt een op déi erwuesse Leit, an och do stellt sech d'Fro: Wat offréieren ech dann an deene Bibliothéiken? Wat maachen ech, fir dass meng Bibliothéik interessant gëtt an d'Leit dohinner kommen? Well wann ech d'Bibliothéike kucken, déi mir bis ewell hunn, do weess ech net, ob genau bekannt ass, wéi vill Fréquentatiounen, dass an eise Bibliothéike sinn. Par rapport zu deene Leit, déi dann awer do schaffen, da kann ee sech heiansdo d'Fro stellen: Wat offréieren ech an deenen eenzelne Gemengen u Lecture? Sinn dat Kachbicher, sinn dat Geschichtsbicher, sinn et Bicher iwwer Reesen, iwwer aner Länner, dat muss natierlech a mengen Aen

e bësse variéiert sinn, mä dat setzt ee virun Erausforderungen, déi een als Gemeng bal net kann assuereieren.

Dofir ass d'Iddi, fir tëschent de Gemengen ze kollaboréieren, och ganz positiv. Mä do maachen ech déi nämlechte Remarque, wéi d'Madame Stein: Wéi maache mer dann elo erëm déi Kollaboratioun? Ginn dat erëm Syndikater? Wësst Der, mir hu jo ewell an de Gemengen allgemeng genuch Syndikater, fir et funktionéieren ze doen. Also do weess ech net, ob dat déi eenzeg gudd Léisung ass, déi een huet?

Dass ee regional ka schaffen an dass d'Gemengen - ech denken elo besonnesch un déi ländlech Gemengen - bal musse regional schaffen, ass evident, an ech ënnersträichen hei d'Initiativ, déi mir am Klierwer Kanton geholl hunn. De SICLER, wat de Gemengesyndikat ass, huet der A.s.b.l. Klierwer Kanton eng Zesummenaarbecht offréiert an déi gesäit folgendermoossen aus: Et ass momentan d'Gemeng Elwen, déi e Raum zur Verfügung stellt wou déi Bicher, déi de Klierwer Kanton hat, an enger Bibliothéik zesummegeallt sinn, a mir ënnerstëtzen da mat engem Subside déi A.s.b.l., déi do schafft. Mä et sinn net d'Gemengen, déi do Personal engagéieren, well dat bréngt e Käschtificateur mat sech, deen einfach net ze droen ass, trotz deem largé Subsidiepunkt, deen Dir elo virgesinn hat - mä bon, momentan ass et effektiv nach vill méi schwierig.

Wat d'Iddi ubelaangt - an do deelen ech d'Interpretatioun vun der Regierung an och d'Interpretatioun vun der Madame Stein -, wou Der am Fong geholl all Gemeng imposéiert, fir e Service ze maachen, quitte dass se regional matenee schaffen an dass ee vlächtt an deenen enge Gemengen nëmmen ee Bureau d'accueil fënn. Ech mengen et kann een de Gemengen net einfach landop, landof imposéieren, datt jiddereen dat mécht an ech sinn och net der Meinung, dass wa se regional schaffen, dass da jiddereen e Bureau d'accueil muss hunn; och dat ass nëmmen e Käschtificateur.

Ech gesinn zum Beispill net an, wann ech eis Regionalbibliothéik elo gesinn, dass déi aacht aner Gemengen dann nach mussen ee Bureau d'accueil dobäi organiséieren. Dat mécht eis et nëmmen onnëtz schwierig, et ass nëmmen e Käschtificateur an et bréngt nâischt, well d'Leit kënnen jo an eisem Kanton och bis op Elwe fueren. Ähnlech Initiativë lounen awer och op anere Plaze vir. Ech hunn elo just déi erausgestrach, well ech weess, wéi d'Problematik ass.

An da sinn och nach déi ganz pragmatesch Problemer, déi virun den Administratiounen sinn, wéi zum Beispill den Accès vun deene Bibliothéiken. Wéi ass deen Accès? Menger Meinung no mussen déi Bibliothéiken och owes op sinn, bis zéng, deemno wéi esouguer bis eelef Auer, fir dass d'Leit och dohinner kënnen goen. Mécht een dat mat Personal, mécht een et mat Chipen, fir dass een iwwert dee Wee eran an d'Bibliothéik kënnt? Dat sinn alles Froen, déi net ouni Bedeitung sinn.

Bon, wann ech elo déi 80% Infrastrukturkäschte kucken, wou d'LSAP virschléit, dass een déi soll droen, da kann een ewell soen okay, do kann ee ganz vill maachen an ech wëllt den Här Zanussi drun erënnere, déi 80% sinn net nëmmen déi am Privatschoulgesetz, mä déi ginn zrëck op d'ASFT-Gesetz, wat jo Är Fraktioun normalerweis vill besser muss kennen, wéi soss eng Fraktioun heibannen. An dat sinn alles esou Problemer, deenen d'Gemenge begéinen, déi net evident sinn.

Aus deenen Ausféierungen eraus, mengen ech, dass et net gudd ass, dass mer déi Belaaschtung alleng op d'Gemenge leeën. Mir hu jo

Schoulbibliothéiken, an ech denken do zum Beispill un eis Lycéeën, mir hunn och ewell aner Bibliothéiken, an ech menge mir sollen och do d'Verantwortung aneschtens verdeelen. Zum Beispill d'Schoulbibliothéiken an eise Lycéeën, firwat déi net opmaache fir de Public, sou gutt fir déi Jugendlech, wéi fir d'Populatioun am Allgemengen?

An ech erënneren hei drun, dass ech beim Bau vum Réidener Lycée gesot hunn, vu dass dee Lycée - sech als Aufgab gëtt, fir regional mat de Leit aus der Region ze schaffen, dass eng vu sengen Aufgabe soll sinn, fir dass d'Bibliothék accessibel fir de Public ass. Firwat also exklusiv mat de Gemenge schaffen? Et muss een a mengen Aen och mat deene bestoende Strukturen schaffen, also och mat de Bibliothéiken aus de Lycéeën.

An esou wéi Dir Äre System hei proposéiert hutt, huet een herno als Gemeng de Choix, dass een et entweder ganz bei sech oder regional mécht. Dat geet awer och net. Well menger Meinung no muss oder soll, deemno wéi grouss, dass d'Schoul ass, an der Primärschoul zum Beispill, déi Schoulbibliothék einfach an der Gemeng an der Schoul sinn. Mä dat bedeit awer net, dass all Gemeng och muss de ganze Volet fir déi Erwuessen offréieren; dat kréie si net ronn. Da muss een also deen ee Service bei sech an der Gemeng hunn an deen anere Service, dee muss ee regional offréieren, well soss geet et net. Dat sinn awer alles Démarchen, déi een zwar menger Meinung no muss um Terrain maachen, déi awer an der Realitéit mat deem heiten Text, sou wéi e momentan verfaasst ass, net kënne gemaach ginn.

Dat sinn elo e puer vun deene prakteschen Iwwerleeungen, déi ech wollt zu dëser Thematik ginn an an där ech och wollt ënnersträichen, dass och mir, esou wéi d'CSV, dës Proposition de loi an deem heite Wierkungsberäich net kennen droen. An ech mengen déi Initiativen, déi vun der Regierung an der Éducation nationale gelobt gi sinn, wéi „Lies emol e Buch“, plus all déi aner Initiativ weisen awer dorop hin, dass mer vun der Wichtigkeet vum Liesen absolut iwwerzeegt sinn, mä dass eben dës Proposition de loi net dee Kader bitt, deen e misst hunn, fir deem Zil gerecht ze ginn.

Ech soen lech merci fir d'No-lauschteren.

■ Une voix.- Très bien.

■ M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Dagmar Reuter-Angelsberg agedroen. D'Madame Reuter huet d'Wuert.

■ Mme Dagmar Reuter-Angelsberg (DÉI GRÉNG).- Merci, Här President.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et trifft sech gutt, dass mer dës Woch, mam Artistestatut a mat dëser Proposition de loi iwwert d'Schafung vu kommunale Bibliothéiken, gläich zweemol Themen um Ordre du jour hunn, déi kulturell Schwéierpunkte setzen.

Et ass leider nach net jiddferengem bewosst, dass et grad an Zäite vu Krise falsch ass, um kulturelle Plang ze spueren. Am Géigendeel, de bewossten Émgang mat der Kultur a mat hire Wäerter muss méi wéi jee geziicht an ënnerstëtzt ginn an an deem Kader gesi mir och dës Initiativ vum Här Zanussi a mir begrëssen se.

Wa mer Kultur an de bewossten Émgang mat der Kultur hei am Land wëlle massiv ënnerstëtzen, gehéiert dozou, dass mer lokal, kommunal a regional genuch fir d'kulturell Infrastruktur solle maa-chen. Do denken ech net nëmmen un d'Kulturzentren, mä och un Ugeboter, déi et eisen Awunner sollen erluben u Kultur an all hir Formen erunzekommen; an dozou gehéiert och d'Liesen.

De Wäert vum Liese gëtt ëmmer erëm an op alle méigleche Plaze betount, mä et gëllt och fir d'Leit ze aktivéieren, fir emol erëm méi oft zu engem Buch ze gräifen. Dat gëllt net nëmme fir eis jonk Leit, mä och fir déi Erwuessen, déi grad an deem Punkt net onbedéngt e Virbild sinn. Wéi kann ech mäi Kand motivéieren e Buch an de Grapp ze huelen, wann et mech selwer ni mat engem Buch gesäit a wann am ganzen Haus kee Buch ze fannen ass, ausser als Dekoratioun an der beschter Vitrine?

Wann een d'Leit wëllt un d'Liese kréien, da muss een hinnen e bëssen op d'Spréng hëllefen. Et ass sécher net domat gedoen, dass mir an alle Gemenge sollte Bibliothéiken zur Verfügung hunn, mä et ass e bësse wéi mam öffentliche Transport: Wéi soll e Mënsch iwwerzeegt ginn dovun ze profitéieren, wann d'Ugebot miserabel ass?

Esou wéi déi Proposition et och beschreift, bidde modern agerichte Bibliothéiken haut vill méi wéi just e puer oniwwersiichtlech Bicherregaler. Déi modern Technolo-gien hunn och eis Bibliothéike revolutionéiert, an dobäi kënnt, dass déi Verantwortlech sech längst scho vill an interessant Gedanke gemaach hu wéi een den Openthalt an enger Bibliothék zu engem angenehmen an entspannenden Erleefnes ka maachen. Wien de Kader vun esou enger modern age-richtener Bibliothék schonn emol erlieft huet, dee weess wéi moti- véierend dat wierkt an dass och an eiser moderner Gesellschaft vun de scheinbar alles erdréckende Massemedien esou eng Bibliothék wuel eppes ze bidden an hir Daseinsberechtigung huet.

Ech wëllt op e puer Aspekter vun dëser Proposition de loi e bësse méi genau agoen, wann et erlaabt ass, an nach deen een oder deen anere Virschlag maachen. Ech war fir d'éischt emol erschreckt wéi ech matkritt hunn, dass esou weineg Gemengen haut hire Bierger eng Bibliothék offréieren. Och wann een niewent de kommunalen net soll déi Bibliothéike vergiessen, déi vu verschiddenen Associatiounen, wéi zum Beispill den Amitiés fran- çaises, ugebuede ginn, da sinn d'Zuelen dach awer däitlech a verlaangen, dass Initiativ geholl gëtt.

Genausou wichtig ass et och, dass ee vu vieren an déi richtig Jalonë setzt, fir dass déi Bibliothéiken net nëmmen um Pabeier bestinn oder an iergendengem Duerfwénkel e Schattendasein féieren. Mir brauche modern Biblio- théiken, déi aktiv op d'Leit duerg fir se mat Elan vun hirem Wäert an hiren interessanten Dimensiounen ze iwwerzeegen. Eis Nopeschlän- ner, awer besonnesch déi skandi- navesch Länner maachen eis dat vir, an an deem Kader ass et net verwonnerlech, dass zum Beispill Finnland esou gutt bei PISA ofge- schnidden huet, wann ee ver- gläicht wéi vill Leit pro Joer wéi vill Bicher aus enger finnescher Biblio- théik ausléinen.

Sécher, eis Erziehungsministes- ch huet dëst Joer eng Initiativ an der Schoul gestart fir d'Liesen ze ën- nerstëtzen, an et sollt een och net de Wäert vun der Initiativ wéi „Freed um Liesen“ oder „E Buch fir an den Zuch“ vergiessen, awer eis Efforté fir d'Buch musse weiderge- droen a vill méi intensiv ginn. Eis Regierung huet scho bal zur Chef- saach gemaach, dass den Émgang mam Internet bei eis am Land soll virugedriwwen ginn, mä dat sollt net nëmmen an de Betri- ber, an de Schoulen esou sinn.

Firwat net iwwert de Wee vu kom- munalen a regionale Bibliothéiken en Netz vun Internetcaféen ariich- ten? Esou eng Internetstuf an enger Bibliothék hëlleft net nëmme sech an der Bibliothék ze orien- téieren, mä ka ville Leit vun do- bausen ënner fachgerechter Be- treuung vun engem Bibliothécaire d'Geleeënheet bidden, sech mat der Welt vum Internet vertraut ze maachen. Och dat ass e Beispill

duerfir wéi eng modern Bibliothék iwwert dat traditionellt Bildnis eraus nei an interessant Perspektive ka bidden.

Selbstverständlech kënne mer nëmmen ënnerstëtzen, dass d'Bi- bliothéiken och mussen dat néi- degt qualifizéiert Personal hunn. Qualifizéiert heescht an deem Fall och, dass déi Leit sech net nëm- men an der Welt vun de Bicher auskennen, mä och léieren hirer Funktioun als animateur gerecht ze ginn, an ëmmer erëm och duerch eng sënnvoll Formation continue um Ball bleiwen, dat heescht um potenzielle Lieser bleiwen.

Iwwert d'Netz vun de kommunale Bibliothéiken eraus soll een och an de bestehenden an an deenen nei geplangtene Lycéeë Bibliothéiken ariichten, déi net nëmmen den Élè- ven, mä och de Leit dobaussen of- fe stinn. Esouwäit ech weess gëllt dat bis elo just fir e puer Lycéesbi- bliothéiken, déi an deem Sënn och un d'Nationalbibliothék uge- schloss sinn an e Service de prêt fir jiddferen ubidden.

Wann dës Proposition de loi Vir- schléi mécht mat wem esou eng Bibliothék kënnt zesummeschaf- fen, da géif ech och ganz gär do nach déi kommunal Kulturkommi- ssiounen derbäisetzen, deene sech do och d'Méiglechkeet bitt am Ka- der vun enger Bibliothék Manifes- tatiounen ofzehalen, wéi Liesun- gen, Cabaret, souguer kleng Thea- terstécker oder kombinéiert Concerten, wou Buch a Musek sech zesummefannen. Esou Initia- tiv gëtt et schonn an et soll ee se onbedéngt ervirsträichen. Och wann dës Veranstaltungen net déi grouss Massen unzéien am Mo- ment, esou ass dat op jidde Fall net ze vernoléisegen.

An da géif ech nach de Virschlag maachen och ganz konkret eis Bi- bliothéiken anzesetze fir eis Lëtze- buerger Literatur an eis Lëtzebuer- ger Schrëftsteller méi ënnert d'Leit ze bréngen. Do kënnt ee ganz ge- ziilt d'Zesummenaarbecht mam LSV sichen. De Lëtzebuerger Schrëftstellerverband géif esou eng Initiativ sécher mat grousser Genugtuung begrëssen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen lech merci.

■ Plusieurs voix.- Très bien.

■ M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Kulturministes- ch, d'Ma- dame Erna Hennicot-Schoepges.

■ Mme Erna Hennicot- Schoepges, *Ministre de la Cul- ture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Zanussi huet gemengt hei ze zi- téieren, d'Regierung wär géint seng Proposition de loi. Dunn hat ech scho gemengt, da bräicht ech jo iwwerhaapt net ze schwätzen. Et ass mer awer ugeleed fir Zousazin- formatiounen ze ginn, déi zënter- hier komm sinn, an ech sinn e bës- se verwonnert, datt an der Debat- t hei keen déi Enquête ugeschwat huet, déi de Ministère gemaach huet iwwert d'Liesen.

An engem Wuert kënnt ech jo de Ruff no méi Bibliothéike widder- leeën andeems ech géif soen: An där Enquête hu bei deenen, déi gefrot gi sinn, firwat datt se net lie- sen, 0% gesot, datt d'Ursaach déi wär, datt keng Bibliothék an hirer Géigend wär. Et kann een also ar- gumentéiere mat Zuelen, déi be- luecht sinn, nodeems mer déi En- quête do gemaach a verdéift hunn an nodeems déi Enquête iwwre- gens och weist, datt mer par rap- port zu eisen auslänneschen No- peren net esou schlecht dostinn.

Mir hunn zum Beispill eng Enquête aus Frankräich, déi seet 74% vun der Bevölkerung hunn am leschte Joer op d'mannst ee Buch gelies;

dat ass jo ëmmer d'Fro. An Däitschland waren dat 72% an zu Lëtzebuerg sinn et 61%. Mir leien domat mat Kanada op enger Wel- lelängt an net esou wäit ewech vun aneren europäesche Länner, woubäi an der Enquête, déi ganz verfeinert gemaach ginn ass, och no Nationalitéiten erauskënnt, datt bei eis déi portugisesch Bevölke- rung zum Beispill ganz déif läit am Liesen, wat natierlech an eise- m Prozentsaz matspillt. Et kann een ëmmer méi maachen. Et kann een ëmmer besser maachen.

Et kann een natierlech den Enthu- siasmus vun de Gemengen net bremsen. Dat hunn ech och net ge- maach, an iwwerall do wou eng Gemeng gefrot huet fir Ennerstët- zung ze kréie fir hir Bibliothék, huet se déi kritt, an iwwerall do wou Ge- menge sech zesummegedoen hu fir Bibliothéiken opzebauen, do hu mer dat vum Kulturministère ën- nerstëtzt. Mir hu versicht ze koordi- néieren; dat ass eng vun de Mis- ssiounen vun eiser Nationalbiblio- théik.

Mir hunn an där Koordinatioun den Objektiv verfolge fir iwwer een in- formatsche System am Angebot vernetzt ze denken, dat heescht, wann een an der Bibliothék vum Här Schank wëllt e Buch bestellen iwwer Internet wat an der National- bibliothék am Katalog ass, da kann een dat kréien. Et huet een al- so deemno eng ganz grouss Aus- wiew. Mir hu mat de Bibliobusse gutt Erfahrung gemaach, an ech wëllt hei ënnersträichen, datt, esoulaang wéi d'Aufgabe vun de Gemengen a vum Stat net gekläert sinn, et schwierig ass fir de Minis- tère, fir vun uewen erof ze soen: Gemengen, elo macht Dir alle- guerte Bibliothéiken a mir hëllefe bezuelen, well et jo awer eng Par- tie Problemer gëtt, déi mat Raim- lechkeeten, déi mat Personal ze dinn hunn an déi och mat Finanz- ment ze dinn hunn.

Ech wëll also keen a sengem En- thusiasmus bremsen. Ech wëll och ënnersträichen, datt all déi Initia- tiven, wéi déi Bicherdeeg, déi orga- niséiert gi sinn op lokalem Plang, munchmol mat ganz grouss- em Asaz vun de Gemengen, an Initia- tiv wéi „Freed um Liesen“, Auteur- liesungen an de Schoulen, onwahr- scheinlech vill derzou bäigedroen hu fir ronderëm d'Buch eng Atmos- phär ze schafen, wat all déi, déi gemengt hunn, wéi de Computer komm ass, elo wär et eriwuer mam Buch, widderleet. Et ass also net esou, datt d'Buch amgaangen ass ofzestierwen, et ass au contraire esou, datt ech d'Gefill hunn, datt et méi lieweg ass, an datt och d'Initia- tiven, déi zesumme mam Schrëft- stellerverband gemaach ginn am Kader vun der Promotioun vun ei- ser Literatur, sech an deen dote Kader areien.

Mir hunn also e Réseau, deen aus 25 Bibliothéiken insgesamt be- steet. Mir hunn awer, wéi mer eis Enquête gemaach hunn, eis un 89 Bibliothéiken oder Centres de do- cumentation gewannt. Do sinn dann déi derbäi, déi net als Biblio- théik enregistriert sinn, mä déi awer Bicher zur Verfügung stellen. Dat huet als Resultat erginn, datt mer wéi gesot bei de Prozentsätz vun deenen, déi liesen, net esou schlecht leien, datt mer par contre bei de Prozentsätz vun deene Jon- ken nach Nohuelbedarf hunn, well et kënnt bei der Enquête eraus, datt vun deene Jonken tëschent 16 a 24 Joer, 26%, datt sinn der net vill, tëschent 11 an 20 Bicher an en- gem Joer gelies hunn, an 9% hunn 21 Bicher a méi gelies.

Eis nächst Enquête iwwert d'kultu- rell Praxisse wäert sech méi geziilt ëm d'Primärschoulkanner këmme- ren, esou datt mer dann do och eng Partie Réckschläss kennen zéien, well et ass jo leschten Enns och vläicht interessant emol ze kucke wat d'Leit liesen, an et ass och interessant ze kucken, firwat datt se net liesen. Bei deenen, déi net liesen, do soen 42%, et géif se net interesséieren, 38% soen, si hätte keng Zäit, 0,1% soen, et wier

ze deier, si kënnte sech kee Buch kafen, an 0% soen, et hätt domat ze dinn, datt keng Bibliothék an hi- rer Noperschaft wier. Also dat ass keen Argument wat an d'Feld ge- fouert gëtt.

Et ass iwwregens esou, datt bei de Lecteuren nëmmen 10% an d'Bi- bliothék ginn, well eng ganz Partie Leit sech hir Bicher selwer kafen. A bei de Prozentsätz vun de Bicher, déi an de Ménagé present sinn, hu mer ganz héich Zuelen. Et wäert al- so ganz sécher derwäert sinn, ier mer iwwert d'Weiderentwécklung vun eise Bibliothéike schwätzen, datt mer eis déi Enquête do ganz genee ukucken.

Et steet awer eent fest, Här Presi- dent, déi nächst Regierung, egal wéi se ausgesäit an egal wien dobäi ass, muss sech dem Biblio- théikswiesen unhuelen a muss mat Prioritéite virgoen. An eng vun den éischte Prioritéiten ass d'Schafe vun enger Universitätsbibliothék. An eng vun de Prioritéiten ass d'Klärung vun de Kompetenze vun eiser Nationalbibliothék, an eis Na- tionalbibliothék ass duerchaus och à même fir am Réseau ze funktio- néieren, a wéi gesot, esou wéi dat elo scho funktionéiert, sinn ech na- tierlech frou iwwer all Gemeng, déi d'Initiativ ergräift fir eng Bibliothék ze schafen an ech ënnerstëtzen se gären.

Merci.

■ M. le Président.- Domadder wier dee Punkt ofgeschloss.

4. 5023 - Projet de loi modifiant

1) la loi du 30 juillet 1999 concernant

a) le statut de l'artiste professionnel indépendant et l'intermittent du spectacle

b) la promotion de la création artistique

2) la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail (suite)

Mir kéimen dann elo, nodeems mer gëschter d'Diskussioun vum Projet de loi 5023 iwwert den Artistestatut ofgeschloss haten, zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen dann driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 11 si gelies an ugehall.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert dee virleien- de Gesetzesprojet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmmen mat Jo, déi do- géint si mat Neen oder si enthal- se.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 50 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie- Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hau- pert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick San- ter, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Claude Wi- seler;

Mme Simone Beissel (par M. Niki Bettendorf), MM. Jeannot Belling (par M. Jean-Paul Rippinger), Xa- vier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer (par M. Alexandre Krieps);

M. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-